

GEMENGEBUET

BECH

NR. 118

Schoulufank

E gudde Start!

Säit 06

.....

Nei Serie:

Mäi Bech

Nico Prommenschenkel

Säit 16

09
26

GEMENG BECH

ZÉNG DIERFER • ENG GEMENG





www.bech.lu



Ëffnungszäite vun der Gemengeverwaltung Bech

Méindes bis Donneschdes: 08.00 - 12.00 Auer & 13.00 - 17.00 Auer

Freides: 08.00 - 12.00 Auer (nomëttes zou)

Nëtzlech Telefonsnummeren

Gemengeverwaltung

Telefonzentral: 790 168-1

Sekretariat: sekretariat@bech.lu / 790 168-20

Recette: recette@bech.lu / 790 168-21

Populatiounsbüro: population@bech.lu / 790 168-22

Schäfferot

Max Pesch, Buergermeeschter: maxpesch@bech.lu

Norbert Classen, Schäffen: norbertclassen@bech.lu / 790 712

Bibi Wintersdorf, Schäffin: bibiwintersdorf@bech.lu

Schoul a Maison Relais

Primärschoul Berbuerg: 719 363-1

Maison Relais Renert: 719 363-51

Synecosport: 719 363-817

Techneschen Déngscht

Ingenieur: technique@bech.lu / 790 168-23

Atelier: atelier@bech.lu / 790 672

Forstverwaltung: 247 56-762 / 621 202 188

Noutfäll a sozial Déngschter

Noutdéngscht: 112

Police-Noutnummer: 113

Policekommissariat Iechternach: 244 72-1000

Regionaalt Sozialamt Beefort: 268 760 54

Impressum

Grafesch Gestaltung

Vidale-Gloesener,
Junglinster

Coverfoto

freepik.com

Redaktioun Texter

Alain Kring
Bibi Wintersdorf
Julie Cannivy
Max Pesch
Vivian Craig
Veräiner aus der Gemeng

Korrektur

Laurence Closener

Drock

Johnen Druck Luxemburg

Oplo

550 Exemplaren



4

Virwuert

6

Aktuelles

12

Kraider-Chronik

16

Mäi Bech

20

Gemengerotssëtzung

24

Natur & Regioun

30

Baustellen & Infrastruktur

34

Veräiner

38

Manifestatiounen

52

Fräizäit

56

Agenda

58

Mayors for Peace

60

Bech an Zuelen

62

Hochzäiten



Une version française est également disponible en ligne.
Scannez simplement ce code QR.

„Friddensgemeng –
fir mech ass et méi wéi just
e schéint Wuert.“



Léif Biergerinnen a Bierger,

Wann ech an de leschte Méint bei Rieden oder Gespréicher vun eiser „Friddensgemeng Bech“ geschwat hunn, sinn ech ëmmer nees dorop ugeschwat ginn. Firwat Friddensgemeng? Wat bedeit dat eigentlech fir eis?

Fir mech ass et méi wéi just e schéint Wuert. Et ass eng Haltung. Eng Gemeng, an där mir respektvoll mateneen ëmginn, an där mir eis nolauschteren an an där och ënnerschiddlech Mee- nungen hir Plaz hunn. Eng Gemeng, déi sech bewusst ass, datt Fridden net nëmmen eng Fro vun der grousser Weltpolitik ass, mee och am Klengen ufänkt – am Alldag, an eiser Noperschaft an an der Aart a Weis, wéi mir eis begéinen.

Ëmsou méi freeën ech mech, datt eis Gemeng méttlerweil och offiziell an den internationale Reseau Mayors for Peace opgehol- gouf. Domat setze mir e klengt, mee kloert Zeechen: fir Fridden, fir Dialog a fir d’Verantwortung, déi och Gemengen an dëser Fro kënnen iwwerhuelen.

Gläichzäiteg geet d’Liewen an eiser Gemeng weider – mat neie Gesiichter, neien Aufgaben an och Abschider.

Mam Christian Turk an dem Jacques Schuler konnten déi zwee nei gewielte Membere vun eisem Gemengerot vereedegt ginn. Ech wënschen hinnen allebéid vill Freed, Energie an eng glécklech Hand bei hirer neier Aufgab a freeë mech op eng gutt Zesummenaarbecht am Déngscht vun eiser Gemeng.

En anere Wiessel gött et an eiser Gemengeverwaltung. Eise Receveur Nico Delhez geet no ville Joren am Déngscht vun der Gemeng a seng wuelverdëngte Pensioun. Ech wëll him op dëser Plaz ganz häerzlech Merci soe fir säin Engagement, seng kloer Meenung an déi geleschten Aarbecht a wënschen him fir dësen neie Liewensofschnëtt virun allem eng gutt Gesondheet a vill schéi Momenter.

Seng Nofolleg als Receveur iwwerhëlt d’Julie Cannivy, bis elo eis Redactrice. Seng Plaz am Populationsbüro iwwerhëlt d’Michèle Krier, dat den 1. September säin Déngscht op der Gemeng uge- trueden huet. Ech wënschen deenen zwee e gudde Start an hiren neien Aufgaben.

Nei an dëser Editioun ass d’Serie „Mäi Bech“. Dora komme ree- gelméisseg Leit zu Wuert, déi hei gebuer sinn oder säit ville Jo- ren hei liewen. Si wëssen nach, wéi eis Dierfer viru Joerzéngten ausgesinn hunn, wien a wéi engem Haus gewunnt huet, firwat e Wee säin Numm huet a wat aus enger Wiss oder enger Scheier ginn ass. Dat ass e Wëssen, dat een a kengem Buch fënnt, an dat déi Jonk an déi, déi eréischt viru kuerzem bei eis wunne komm sinn, net kënnen hunn. Genee dofir wëlle mir et festhalen.

Den Ufank mécht den Nico Prommenschenkel vu Rippeg, Bauer a fréiere President vun de Rippeger Pompjeeën. Wie seng Ge- schicht liest, gesäit eis Gemeng nach eng Kéier mat aneren Aen: mat den Ae vun engem, deen eis Gemeng Bech säi Liewe laang kennt a matgestalt huet.

Dat ass schliisslech dat, wat eis Friddensgemeng ausmécht: net nëmme Projeten, Gebaier oder Entscheidungen, mee virun allem d’Mënschen, déi hei zesummeliewen.

Dëst a villes méi erwaart Iech an dëser neier Editioun vum Gemengebuet.

Ech wënschen Iech vill Freed beim Liesen a freeë mech, eise gemeinsame Wee mat Iech weiderzegoen.

Äre Buergermeeschter
Max Pesch

E gudde Start an dat neit Schouljoer

De 15. September war et nees esou wäit: D'Schouldieren hunn sech opgemaach an en neit Schouljoer huet ugefaangen. Fir vill Kanner war et en Dag voller Virfreed, Opreegung a vläicht och e bëssen Nervositéit. Fir déi eng war et de Start an eng nei Klass, fir déi aner den Ufank vun engem ganz neie Liewensofschnëtt.

D'Gemeng wëncht alle Schülerinnen a Schüler e gudde Start an dat neit Schouljoer! Mir hoffen, datt si sech séier an hirem neien Alldag erëmfannen, vill Neies entdecken, nei Frëndschaften knëppen a virun allem vill Freed um Léieren hunn. Fir dat kommand Schouljoer wënsche mir hinne vill Spaass, flott Erfahrungen a vill Erfolleg – an natierlech och déi néideg Gedold an Ausdauer, wann et emol e bësse méi ustrengend gëtt.

E grouse Merci geet och un all d'Elteren, d'Léierpersonal an all déi, déi sech dagdeeglech dofir asetzen, datt eis Kanner sech an der Schoul wuel a sécher fillen. Zesumme kënnen mir dozou bäidroen, datt d'Schouljoer fir eis Kanner eng flott an erfollegräich Zäit gëtt.

Apropos Sécherheet: Mam Ufank vum Schouljoer ass och nees méi lass op eise Stroossen. Vill Kanner sinn all Dag zu Fouss, mam Vëlo oder mam Bus ënnerwee. Dofir ass et besonnesch wichteg, datt mir alleguer gutt oppassen an deene Klengsten déi néideg Sécherheet ginn.

Wéi de séchere Schoulwee geléngt a wat et dobäi ze beuechten ass, erkläert d'Police am nächste Beitrag. Och d'Gemeng setzt sech dofir an, datt eis Kanner sécher an entspaant an d'Schoul kommen an och nees gutt heemkommen. Dofir lancéiere mir de Projet „Séchere Schoulwee“.



Konzept „Séchere Schoulwee“ an der Ausaarbechtung
D'Gemeng Bech schafft zënter dem Hierscht um Projet „Séchere Schoulwee“ fir d'Kanner aus der Gemeng Bech, déi d'Grondschoul zu Berbuerg besichen. Am Mëttelpunkt stinn dobäi virun allem d'Weeër tëscht de Wunnegebiddern an de Bushaltestellen, déi vun de Schülerinnen a Schüler all Dag benotzt ginn.

An de leschte Joren ass feststellen, datt ëmmer méi Kanner mam Auto bis bei d'Bushaltestell oder direkt an d'Schoul bruecht ginn. Dëst geschitt aus Suerg ëm d'Sécherheet um Schoulwee. Gläichzäiteg féiert den zousätzleche Verkéier awer zu oniwiersiichtleche awer zu oniwiersiichtleche Situatiounen Situatiounen a verstärkt de Verkéiersopkomme ronderëm d'Schoulwee an d'Bushaltestellen. Esou entsteet e Kreeslaf, an deem dat héicht Verkéiersopkommen d'Sécherheetsgefill vun Elteren beaflosst.

Mat dem Konzept „Séchere Schoulwee“ wëll d'Gemeng dës Entwicklung entgéintwieren. D'Zil ass et, sécher a gutt géee-gent Verbindungen bis bei d'Bushaltestelle festzeleeën, méiglech Geforenzonen z'identifizéieren an de Kanner an hiren Elteren eng kloer Orientéierung fir de Schoulwee ze ginn. Op laang Sicht soll esou d'Sécherheet verbessert an d'selbststänneg Mobilitéit vun de Kanner gefërdert ginn.

D'Ausaarbechtung vum Konzept geschitt an enger Zesummenaarbecht mat de Kanner an hiren Elteren. Hir Erfahrungen an Hiweiser droen dozou bäi, déi tatsächlech Schoulwee an d'Bedierfnesser vun den Awunnerinnen an Awunner esou gutt wéi méiglech ze berécksiichtegen. D'Afëierung vum Konzept ass fir dat nächste Schouljoer virgesinn.

SÉCHER AN D'SCHOUL – TIPPS FIR E SÉCHERE SCHOULWEE

De séchere Schoulwee

Lénks, riets, lénks...

- Ech ginn um Trottoir ëmmer op der sécherer Säit, wäit ewech vun der Strooss.
- Ech ginn um Zebrasträifen iwwer d'Strooss: bei Rout bleiwen ech stoen, bei Gréng dierf ech goen, awer ech passen trotzdeem op. Wann et keng Verkéiersluuchte gëtt, kucken ech lénks, riets an nach eng Kéier lénks, ier ech iwwer d'Strooss ginn.
- Wann et keen Zebrasträife gëtt, bleiwen ech do stoen, wou d'Strooss iwwersiichtlech ass an d'Autofuerer mech gesi kënnen. Duerno: lénks, riets, lénks...

D'Eltere gi mat guddem Beispill vir!

- Erkläert Äre Kanner déi wichtegst Verkéiersreegelen.
- Maacht Är Kanner op d'Gefore vun der Strooss opmierksam.
- Gitt de Schoulwee e puer Mol mat hinnen zesummen of.
- Respektéiert och selwer d'Verkéiersreegelen: haalt net mam Auto um Zebrasträifen oder um Trottoir!
- Loosst Äert Kand nëmmen op der Säit vum Trottoir ran- a rausklammen.

Ech si gutt ze gesinn!

Fir datt d'Autofuerer mech am Donkele besser gesinn,

- droen ech hell Kleeder.
- pechen ech reflektéierend Bänner op meng Kleeder an op meng Schoultaasch.
- zéien ech eng Sécherheetsvest un.

Ech si ugeschnallt!

Och bei kuerze Faarten!

- Am Auto muss een sech ëmmer uschnallen, entweder mam Sécherheetsgurt oder am Kannersëtzt.
- E Kand tëscht 3 a 17 Joer, dat nach keng 150 cm grouss ass, muss an engem Kannersëtzt oder op enger Sëtzerhéijung setzen, déi senger Gréisst a sengem Gewiicht ugepasst ass.

Méi Virsicht zum Schoulufank

Virun allem déi Klengst kennen d'Geforen am Stroosseverkéier nach net, an d'Autofuerer gesinn se wéinst hirer Gréisst manner gutt. Dozou kënn, datt si zum Schoulufank opgereege kënnen sinn an dobäi déi wichtegst Verkéiersregele vergiessen. Dofir mussen all Verkéiersparticipanten besonnesch opmierksam sinn:

- Sidd opmierksam a passt op déi Klengst op.
- Passt Är Vitess an der Géigend vu Schoulen un.

5 Reegele fir Kanner

Léif Kanner, wësst dir, op wat dir no bei der Strooss oppasse musst? Hei fannt dir déi wichtegst Reegelen.



Ech brénge mech net a Gefor.



Och um Trottoir sinn ech virsichtig.



Ech kucke lénks, riets an nach eng Kéier lénks, ier ech iwwer eng Strooss ginn.



Ech ginn nëmmen um Zebrasträifen iwwer d'Strooss, a just wann d'Verkéiersluuchte gréng ass.



Wann et donkele ass, droen ech hell oder faarweg Kleeder, fir datt ee mech gesäit.

Bech stellt sech vir



Max Pesch

Alter 40
Beruff Schoulmeeschter
Hobbyen Fussball a liesen.

E Saz iwwer dech oder e Sproch, dee bei dech passt:
„Ech sinn e positive Mënsch, dee versicht, Mënschen a Meenungen zesummen ze bréngen.“

Wat ass deng Liblingsplaz an der Gemeng Bech?
Doheem zu Heeschbreg op der Terrass mat Bléck op de Waassertuerm.

Wéi een Thema ass dir fir d’Zukunft vun eiser Gemeng besonnesch wichteg?
Mobilitéit an Zesummeliewen.



Norbert Classen

Alter 72
Beruff Pensionär
Hobbyen Erneierbar Energien, energeetesche Sanéierungen, a mat mengem Hond Molly duerch d’Gemeng spadséiere goen.

E Saz iwwer dech oder e Sproch, dee bei dech passt:
„Ëmmer aktiv bleiwen!“
Wat ass deng Liblingsplaz an der Gemeng Bech?
Doheem zu Bech um Leckebierg, do huet een eng flott Vue a Léif Noperen.

Wéi een Thema ass dir fir d’Zukunft vun eiser Gemeng besonnesch wichteg?
Ofwaasser an Drénkwaasser, well ouni dëst ass kee weidere Wuesstum an der Gemeng méiglech.



Christian Turk

Alter 49
Beruff Enseignant
Hobbyen Moto a Vëlo fueren, mat mengem Oldtimer ënnerwee sinn a gär selwer kniwwele, well ech Freed drun hunn, Saachen unzepaken an erëm un d’Rullen ze kréien.

E Saz iwwer dech oder e Sproch, dee bei dech passt:
„No bei de Leit: nolauschten, gerecht handeln a konsequent duerchzéien.“

Wat ass deng Liblingsplaz an der Gemeng Bech?
Meng Liblingsplaz an der Gemeng Bech ass do, wou d’Leit zesummekommen, well et mir wichteg ass, no bei de Leit ze sinn.

Wéi een Thema ass dir fir d’Zukunft vun eiser Gemeng besonnesch wichteg?
Fir d’Zukunft vun eiser Gemeng ass mir eng nohalteg Entwécklung besonnesch wichteg, déi d’Liewensqualitéit an eisen Dierfer erhält, d’Natur schützt an de sozialen Zesummenhalt stäerkt. Eis Veräiner spillen dobäi eng zentral Roll: Si bréngen d’Leit zesummen a fërderen d’Gemeinschaft. Dofir ass et mir e ganz perséinlecht Uleies, si ze stäerken an z’ënnerstëtzen – an dofir setzen ech mech voll a ganz an.



Jacques Schuler

Alter 43
Beruff Contrôleur/Support sur route bei der Stad Lëtzebuerg
Hobbyen Motorrad fueren, Reesen, Sim Racing, Fitness

E Saz iwwer dech oder e Sproch, dee bei dech passt:
„Et gëtt ëmmer eng Léisung.“ E Saz, dee meng Astellung gutt erëmispigelt: och wann eng Situatioun heiansdo komplizéiert ass, soll een net opginn, mee no enger Léisung sichen.

Wat ass deng Liblingsplaz an der Gemeng Bech?
Den Halifax Square Memorial am Marscherwald. Fir mech ass dës Plaz besonnesch, well se un d’Geschicht erënnert an eis bewosst mécht, wéi wichteg et ass, eis Vergaangenheet net ze vergiessen.

Wéi een Thema ass dir fir d’Zukunft vun eiser Gemeng besonnesch wichteg?
D’Bedeitung vum Veräinsliewen. D’Veräiner droen immens vill zum soziale Liewen an eiser Gemeng bäi. Si bréngen d’Leit zesummen, schafen Zesummenhalt a sinn eng wichteg Plaz fir Gemeinschaft, Engagement a Mateneen.

Ännerungen an der Gemeng Bech

NEI GESIICHTER, NEI AUFGABEN, GEMEINSAM AN D'ZUKUNFT

An der Gemengeverwaltung ginn et aktuell e puer personell Ännerungen. Fir dass Dir déi richtig Usprichpersoun einfach erreeche kënnt, fannt Dir hei eng Iwwersiicht vun den Telefonnummere an E-Mail-Adresse vun de verschiddene Servicer vun der Gemeng.

Bei Froen oder Uleies kënnt Dir Iech direkt un de jeeweilige Service wenden.

En neit Gesiicht an der Gemengeverwaltung

Zanter dem 1. September ass d'Michèle Krier nei an eiser Gemengeverwaltung dobäi. D'Michèle kënnt vu Waldbriedimus a verstärkt elo d'Equipe am Populationsbüro.

Mir begrüessen d'Michèle ganz härezech an eiser Gemeng a wënschen him vill Freed an Erfolleg bei senger neier Aufgab!

Alles Guddes fir deng Pensioun, Nico!

No ville Joren am Déngscht vun der Gemeng Bech geet den Nico Delhez, Gemengereceveur, an déi verdéngte Pensioun. Mir soen him e grouse Merci fir säin Engagement, seng Professionalitéit an déi geleeschten Aarbecht am Déngscht vun eiser Gemeng.

Vun elo un iwwerhëlt d'Julie Cannivy d'Funktoun als Receveur.



Allgemeng



Allgemeng

790 168-1
gemeng@bech.lu

Mir biede jiddereen, deen nach d'Adress bech@pt.lu benotzt, dës duerch d'Adress gemeng@bech.lu z'ersetzen.

Recette



Julie Cannivy

790 168-21
recette@bech.lu

Population



Michèle Krier

790 168-22
population@bech.lu

Techneschen Déngscht



Marc Rausch

790 168-23
technique@bech.lu

Sekretariat



Alain Kring

790 168-20
secretariat@bech.lu

D’KRAIDER-CHRONIK VUM VIVIAN CRAIG

Loosst eis iwwer Planzen direkt bei eis doheem schwätzen

Blënzel

Sorbus aucuparia

(LU) Blënzel (DE) Eberesche/Vogelbeere
(FR) Sorbier des oiseleurs (EN) Rowan



Et ass de Moment, fir déi schéi kleng Biere vum Blënzel, déi hellrout opfalen, ze bewonneren. Dëse ronn 20 Meter héije Bam gouf vun den nordsche Vëlker veréiert a gëllt als Schutz géint dat Béist. Aus dësem Grond fënnt een en dacks op Kierfechter.

Traditionell gouf d’Holz benotzt, fir Béi fir d’Bouschéissen hierzustellen, an am Norde vun Norwege gëtt d’Schuel nach haut als zousätzlecht Fudder fir d’Véi benotzt. D’Biere si räich u Vitaminn C a goufe fréier fir d’Hierstellung vu Béier oder fir eng lecker Bierenzooss benotzt. Och d’Villercher hu ganz gär d’Bieren, an an der Vergaangenheet hunn d’Jeeër se benotzt, fir Villercher unzelackelen an ze fänken.

D’Substanz Sorbitol, eng Form vun Zocker, déi natierlech a verschiddenen Uebstzorten wéi Äppel, Bieren oder verschiddene Bieren, virkënnt, krut hiren Numm vun dësem Bam – Sorbus aucuparia. Well Sorbitol wéineg Kalorien huet, gëtt et dacks a Gedrénks agesat. Sou kritt een trotz manner Kalorien e séissen an agreabele Goût.

De Sorbitol gëtt och mat verschiddene gesondheetleche Virdeeler vun de Bieren a Verbindung bruecht. E soll liicht diuresch a laxativ wirken an och bei Péng duerch Arthritt oder Menstruatioun souwéi bei Nierenentzündungen hëllefen. D’Schuel gouf als Wirkstoff géint Duerchfall ugesinn. E Béier aus natierlech fermentéierte Bieren ass räich u Vitaminn C, genee wéi eng Zooss aus zeidege Bieren. Et soll een awer vermeiden, nach net zeideg Bieren z’iessen.

Fir d’Verdauungssaieren unzereegen an e Problem mat Reflux ze reduzéieren, kann een ½ Téiläffel Bierenzooss oder -mousse virum Iessen huelen. Hei drënner fannt Dir e Rezept.



Blënzel Purée/Mousse

D’Drauwe vun de Bieren nom éischte Frascht* plécken, fir eng Mousse oder Purée ze preparéieren, änlech wéi Äppelpurée. Si ass ganz räich u Vitaminn C, enthält Tanniner (zesummenzéiend Substanzen) an ass gutt fir d’Verdauung

Virbereedung

- D’Biere wäuschen an an en Dëppe ginn. Mat Waasser bedecken
- Opkachen, bis se mëll sinn
- D’Bieren duerch e Sift drécken
- Esou vill Zocker dobäiginn, wéi ee Jus huet... 100 g Jus: 100 g Zocker
- E klengt Glas wäisse Wäin dobäiginn an alles liicht kache loossen, bis déi gewënschte Konsistenz erreecht ass – jee nodeem, ob ee Purée oder Gebeess wëll

An d’Glieser oder kleng Verrinne fëllen an op engem Etikett d’Uebst an den Datum kloer drop schreiwen. Um Brout, am Jughurt oder op der Glace iessen ... oder fir Kuchen ze verfeinere.

*Et ass och effektiv, déi zeideg Bieren eng oder zwou Nuechten an de Frigo ze leeën.

D’Informatiounen an dëser Rubrik ersetzen net de Rot vun engem Dokter oder Apdikter.



D’KRAIDER-CHRONIK VUM VIVIAN CRAIG

Loosst eis iwwer Planzen direkt bei eis doheem schwätzen

Doftkraitchen

Thymus vulgaris

(LU) Teimerjännchen (DE) Thymian
(FR) le thym (EN) thyme



Dës ganz schéi Planz, déi een a ville Gäert bei eis fënnt an déi mir och ganz gär an eise Plate benotzen, kënnt aus dem Mëttelmierraum a war a Mëtteleuropa virum 11. Joerhonnert nach net bekannt.

Den Thymian gëtt kaum méi héich wéi zwou Dosen Zentimeter a verbreet sech, andeems en „Teppecher“ formt. Dës eegne sech ganz gutt als bléiend Buedembedeckung a bilden en hellrosa Bléieflor mat enger liichter Touche vu Purpur.

Den Thymian huet awer nach aner, manner bekannte Qualitéiten an Uwendungen, déi fir eis Gesondheet interessant sinn. Eise Verdauungssystem besteet net nëmmen aus dem Mo an dem Daarm, mee fänkt direkt am Mond un. Hei weist sech de Wäert vum Thymian mat sengen antibakteriellen, antiviralen, antifungalen an entzündungshemmenden Eegenschaften. Hie kann och géint Muskelkrämp wierken, den Houscht berouegen an hëllefen, géint Daarmparasitte virzegoen.

Dës Wirkungen hëllefen, kleng gesondheetlech Problemer wéi Aphten, eng Entzündung oder eng Infektioun vum Zännfleisch an Halsinfektiounen ze behandelen oder ze soulagéieren. Déi antiseptesch Wirkung ass souwuel fir d’Otemweeër wéi och fir de Verdauungssystem effektiv.

Fir vun de phytocheemesche Substanzen, also den natierleche Wirkstoff vum der Planz, ze profitéieren, kann een eng Infusioun aus de Blieder preparéieren an se als Mondspülung oder fir ze guergele benotzen. Besonnesch am Wanter vertraue mir op dës kleng Planz, fir d’Symptomer vu saisonale Krankheete wéi Houscht, Gripp, Erkältung oder Bronchite ze reduzéieren.

Zwou einfach Preparatioune fannt Dir hei drënner:

Traditionell gouf den Thymian wéinst senger Wierkung géint Mécken a Muede geschat. Schonn an der Zäit vum de Pharaonen hunn d’Ägypter verschidde Sträng Thymian op Doudeger geluecht, fir se virun esou engem Befall ze schützen, ier se begruewe goufen. Och bei eis, ier all Kichen e Frigo an e Gefréierschaf hat, gouf den Thymian benotzt, fir d’Fleesch ze schützen.

E leschten Tipp fir d’Hygiène an d’Propretéit an der Kichen: Bereet eng staark Infusioun mat 2 Téiläffele gedréchentem Thymian zou a benotzt se, fir d’Aarbechtsflächen an der Kichen ze botzen. D’Virdeeler sinn:

- Antibakteriell, antiviral an antifungal Wierkung.
- E frëschen an agreabele Geroch an der ganzer Kichen.
- A virun allem: et kascht net vill.



Thymian-Téi Thymian-Sirop

Géint eng Erkältung

- Thymian-Téi géint eng Erkältung
- An eng Taass 1 gutt geheefte Téiläffel Thymian ginn.
- 1–2 cm Ingwerwuerzel a kleng Wierfele schneiden an dobäiginn.
- 200 ml kachend Waasser driwwer schëdden.
- D’Taass zoudecken a 5 Minutten zéie loossen, duerno filteren.
- De Jus vun enger Zitroun an en Téiläffel Hunneg dobäiginn.
- Bis zu 3 Tassen den Dag drénken.

Fir den Houscht ze berouegen

- An eng kleng Schossel 200 ml kachend Waasser op 50 g Thymian schëdden.
- 10–15 Minutten zéie loossen an duerno duerch e Sift filteren.
- 50 g Hunneg dobäiginn a gutt vermëschen.
- De Sirop an eng beschrëfte Fläsch fëllen an am Frigo halen.
- E kleng Läffel vum Sirop 3–4 Mol den Dag huelen oder wann néideg.
- Fir eng Famill d’Quantitéite verduebelen.



E puer zousätzlech „Pluspunkten“ vun dëser gewéinlecher, awer net banaler Planz:

- Eng kleng Taass Thymian-Téi e puer Mol am Dag kann den Appetit an d’Verdauung stimuléieren.
- Eng staark Thymian-Infusioun an d’Bidde ginn, kann krampfleisend wierken an eventuell Muskelschmäerzen entlaaschten.
- Eng staark Thymian-Infusioun am Bidde kéint bei chroneschem Houscht oder Otemschieregkeeten hëllefen.

„Mäi Bech“

Nico Prommenschenkel vu Rippeg



An der neier Serie „Mäi Bech“ komme Leit zu Wuert, déi hei gebuer sinn oder säit Joerzéngten hei liewen. Si droen e Wëssen iwwer eis Dierfer, dat a kengem Archiv läit an a kengem Buch steet, mee nëmmen an hiren Erënnerungen. Den Ufank mécht den Nico Prommenschenkel vu Rippeg.

„D’Duerf war kleng.
Fir e Bouf war et d’Welt.“

Et gi Liewensleef, déi liesen sech wéi eng Landkaart mat ville Statiounen. Dem Nico Prommenschenkel säin huet eng eenzeg: d’Haus zu Rippeg, an deem hien 1943 op d’Welt komm ass an an deem en haut nach wunnt. D’Haus huet souguer en Numm: „Leeschen“. Méi wéi achtzeg Joer, eng Adress. Sou eppes gëtt et haut bal net méi.

Dat Rippeg vu senger Kandheet hat 21 Haiser, alleguer bewunnt: e gudden Drëttel vun deem, wat haut do steet. Hie kann se haut nach der Rei no opzielen, an hannert all Dier e Gesiicht. D’Duerf war kleng. Fir e Bouf war et d’Welt, an d’Welt war zu Fouss ze packen.

De Krich war bal eriwuer, an hie war knapps méi wéi ee Joer al. An awer sinn him Biller bliwwen: d’Convoien, déi duerch d’Duerf gefuer sinn, amerikanesch Camionen, d’Evakuéierung. Méi net, seet en. Mee dat ass bliwwen.

D’Schoul stoung praktesch niewent dem Elterrenhaus, mee wéi en 1949 ugefaangen huet, hat d’Duerf grad keng Léierin. An esou sinn d’Rippeger Kanner bis Allerhellegen all Moien op Hemstel marschéiert, „am Peloton“, wéi hie seet, e klengen Trupp op der Strooss tëscht zwee Dierfer. Duerno koum d’Joffer Colbach, an d’Schoul war erëm do, wou se ëmmer war: direkt niewendrun. Um Schoulhaff, deemools einfache Buedem, gouf Fänkchen ronderëm d’Kierch gespillt an hannert der Kierch Fussball.

Den Haff vun de Prommenschenkels léisst sech bis 1790 zrëckverfollegen, ëmmer a Familjenhand. Dat heescht: den Haff ass méi al wéi de Staat Lëtzebuerg selwer. Wéi vill Generatiounen dat sinn, kann den Nico genoe soen: siwen.

A sengem Liewen als Bauer stécht e ganz Joerhonnert Landwirtschaft. No zwee Joer Akerbauschoul an néng Méint Arméi war

Den Nico virun sengem Trakter.

Eng Usicht vu Leeschen ëm 1930.



en definitiv doheem, am Betrib vu sengem Papp: Mëllec, Véi, Akerbau, dräiandressg Hektar. Hien huet nach hannert de Päerd geplout, Fuert fir Fuert, am Takt vun den Déieren. Déi éischt Joren nom Krich huet sech wéineg beweegt, well keng Suen do waren. Dunn an de Fofzegerjoren déi éischt Trakteren, a vun Ufank vun de Sechzegerjoren un ass d'Mechaniséierung ëmmer méi séier gaangen: nei Gebaier, grouss Investissementer, dunn iergendwann Quoten, Oplagen a Pabeieren. D'Aarbecht gouf méi séier. D'Welt ronderëm och. Sâi Papp ass 1970 gestuerwen; vun deem Dag u war den Nico de Chef.

Un d'Ophale kënnst de Gedanken net eng eenzeg Kéier, seet den Nico, ma du brauchst nëmme krank ze ginn, da kënnst e ganz séier. Duerno huet en et geholl, wéi en déi meescht Saachen hält: kucken, wéi et geet. Haut gëtt d'Land verpacht. D'Haus bleift, an hie bleift och. En Nofolger gëtt et net, an op d'Fro, ob him dat nogeet, kënnst eng kuerz, roueg Äntwert: Nee. D'Zäit, seet en, ass iwwer d'Gréisst vun de Betriber ewechgelaf: vun de villen Häff vu fréier bleiwen der an der ganzer Gemeng nach een oder zwee. Hien trauert net. Hie stellt fest, sou wéi ee feststellt, datt d'Deeg am Hierscht méi kuerz ginn: et ass esou, an et huet sâi Grond.

1959, esou séier wéi en al genuch war, mat 16 Joer, ass en de Rippeger Pompjeeë bäigetrueden, deem eenzege Veräin, deem d'Duerf deemools hat. Aus där Zäit sinn him keng grouss Wierder bliwwen, mee Saachen, déi een upake konnt: „dee klenge Weenchen“, Haaptsaach, ëmmer Loft an de Pneuen. En Unhänger, zu Baastenduerf kaf, deem d'Männer selwer an d'Rei gemaach a gesprëtzt hunn. A spéider, de Stolz vun der Equipe: den orange Gemengenauto – d'Gemeng huet e spéider verkaf. An dat eelst Stéck vun där Geschicht gëtt et haut nach: den ale Pompjeeswon, vu Bech, aus der Zäit, wéi d'Sprëtznach vu Päerd gezunn an d'Pompel nach mat der Hand gedriwwen gouf. Hie steet haut nach am ale Pompjeesbau zu Rippeg, an enges Daags soll en als Muséestéck ze gesi sinn.



De Leo Prommenschenkel (Monni vum Nico) steet bei Schmitz hirem Trakter, deem éischte vu Rippeg.

Bränn huet en der méi erlieft: d'Scheier bei Schmitz an en Haus Bourcy op der Knupp. Mee ee Mëtteg vergësst en net. Hie war eng zwielef Joer al a souz an der Schoul, wéi d'Sireen op der Schoul ugaangen ass: Feier bei Buchmanns, op der Schanz. D'Kanner sinn all erausgelaf, fir ze kucken. Deen Dag ass him bliwwen. An net all Asaz war e Feier: eng Kéier hunn d'Rippeger, zesumme mat engem Nopeschcorps, e Päerd aus engem Weier beim Kuebebuer gezunn. Et war op d'Äis gaangen an agebrach.

President vun de Rippeger Pompjeeën ass den Nico gewiescht, 1992–2026, nodeem de René Wagner opgehalen huet. Kommandant awer ass en ni ginn, an hien erzielt et ouni Bedauern: d'Coursé sinn iwwer de Weekend gelaf, an de Weekend huet dem Haff gehéiert: freides owes, samschdes de ganzen Dag, sonndes: d'Béischte froen net, wéi en Dag et ass. Ëmsou méi Respekt huet en haut virun deenen, déi de Pompjeesdëngscht professionell maachen: d'Material, d'Formationen, d'Permanence. Dat alles, seet en, wier nieft engem Haff net méi ze packen.

An da gëtt et nach eng Geschicht, déi ee vun enger Pompjeeskipp net méi erwaart: an deene fréie Fofzegerjoren hunn d'Rippeger Pompjeeën Theater gespillt. An Hoffmanns, de Sall geraumt tëscht der Rippeger Kiermes um Antonisdag an dem Groussherzoginsgebuertsdag, dem 23. Januar: eng eenzeg, gutt gefüllte Woch. Mëttes huet d'Schoul gespillt, duerno d'Pompjeeën. Den Nico, deemools Schoulbouf, war selwer zweemol dobäi. D'Duerf huet sech seng Freed selwer gemaach, an déiselwecht Hänn, déi geläschet hunn, hunn owes um Podium gestanen.

Den Nico hält keng laang Rieden. Vill Äntwerte fänke mat engem duebele Jo, jo un. Mee wann e vu fréier schwätzt, kënnst ee Wuert ëmmer erëm: gehollef. D'Dreschmaschinn ass vun Haff zu Haff gaangen, an d'Noperen hunn direkt mat ugepaakt. Et war méi eng Gemeinschaft wéi haut, seet hien, net als Uklo, mee als Feststellung. Datt et de Leit haut materiell besser geet, gesäit en. Mee d'Duerf huet ënnerwee sâi leschte Buttek, sâi leschte Café a seng Handwierker verluer, an nach eppes, wat kee Buttek verkeeft: dat Selbstverständlecht vum Mateneen.



Den Nico virun sengem Trakter Ufank vun den 1990er-Joren.



De Corps vun de Rippeger Pompjeeën um Nationalfeierdag 2011 zu Bech.


Op d'Fro no senger Liblingsplaz kënnst keng Plaz aus dem Guide: ganz besonnesch Plazen, seet en, waren et keng. Wat him feelt, sinn déi Plazen, wou d'Leit sech begéint hunn: d'Kierch an d'Wirtschaft. Rippeg hat eng Wirtschaft, ganz fréier souguer zwou, an zu Hemstel stoungen der, mat der Gare, dräi oder véier. Haut ass keng méi do.

An haut? Ëmmer beschäftigt, seet en, keng Langweil. Am Wanter gehéiert den Dag dem Atelier: der Schmëtt an der Schräinerei. Fir d'Kierch vun Hemstel huet en d'eiweg Luucht gebotzt, restauréiert an elektresch gemaach. Roueg sëtze war ni sâi Fach.

A wat wënscht hien sech fir Rippeg an d'Gemeng, fir déi nächst zwanzeg Joer? D'Äntwert kënnst ouni Zécken: Fridden. Fridden an der Gemeng, a kee groussen Ugrëff op der weltpolitescher Bün.

Tëscht deenen zwou Fotoen op dëse Säite leie bal honnert Joer. D'Adress ass déi selwecht bliwwen, mee alles ronderëm huet sech geännert. Wéi genee, dat weess den Nico nach. A soulaang hien dovun erziele kann, ass dat aalt Rippeg net fort: et wunnt nach ëmmer do, mat him, an demselwechten Haus.

„Wat him feelt: dat Selbstverständlecht vum Mateneen.“



De Charly

An dem Nico senger Kandheet war d'Welt vu Rippeg aus mam Charly z'erreechen, dem klenge Zuch vun Iechternach an d'Stad. D'Gare louch ënnert dem Duerf, an den Nico ass oft genuch zu Fouss erofgelaf, meeschtens fir op Iechternach ze fueren. Vun der Schoulbänk aus hunn d'Kanner dem Charly nogewénkt, wann en eropgefuer ass. An eng Geschicht aus dem Éischte Weltkrich gouf laang am Duerf verzielt: d'Léierin Lenz, där hire Papp Lokomotivführer war, ass deemools hamstere gaangen. Wann hire Papp mam Charly laanschtgefuer ass, huet en op enger bestëmmter Plaz gepaff a kuerz ugehalen, an owes, um Wee zrëck, huet en de Kuerf matgeholl. Méi spéit hunn Heizer aus der Lokomotiv dat matkritt, an du gouf och heiansdo gepaff, wa guer keen Zuch kouw, an d'Léierin stoung mat hirem Kuerf do.



Ëmmer am Bléck: de Waassertuerm op der Schanz, ee vun de Warzeeche vun eiser Gemeng.

Sëtzung vum Gemengerot
vum 17. Juni 2026



Audio

Present:

Buergermeeschter: Max Pesch
Schäffen: Norbert Classen a Bibi Wintersdorf
Gemengerotsmemberen: Laurent Fisch,
Gilles Kartheiser, Nico Schmit
Sekretärin: Julie Cannivy
Entschëllegt: //

An öffentlecher Sëtzung:

1. Festsetzung vum Tableau de préséance

Well d’Komplementarwale vum 7. Juni 2026 nach net validéiert sinn an déi nei Conseillere doduerch nach net konnte vereedegt ginn, muss dës Punkt op eng spéider Sëtzung verluecht ginn.

2. Ënnerschrëft vun de Beschlëss aus der leschter Sëtzung

3. Prinzipiell Entscheedung iwwert déi gemeinschaftlech Astellung vun engem Sportkoordinator zesumme mat der Gemeng Manternach

De Gemengerot huet sech eestëmme fir d’Zesummenaarbecht mat der Gemeng Manternach ausgeschwat, ënnert der Bedingung, datt déi Persoun maximal an der Gehaltsklass B1 agestellt gëtt.

4. Aféieren vun engem Reglement fir d’Auszeechne vum Benevolat an de Veräiner

Eestëmme huet de Gemengerot beschloss, ee „Mérite associatif“ anzeféieren, fir déi Persounen ze belounen, déi sech aussergewéinlech a lokale Veräiner engagéiert hunn.

Belount kënnen ginn: Persounen déi op mannst 15 Joer laang d’Funktoun vum President, Vize-President, Sekretär oder Keesier ausgeféiert hunn oder déi op mannst 20 Joer laang Member an engem Komitee waren.

D’Veräiner kënnen bei der Gemeng eng entspreche Demande eraréchen. Déi betraffe Persounen ginn dann bei enger offizieller Zeremonie geéiert.

5. Opléis vum Mietkontrakt vun der Galerie mat Kënschtlatelier op der Becher Gare

De Mieter an de Schäfferot hu sech drop geeenegt de Kontrakt vun dem Kënschtlatelier mat der Galerie op der Becher Gare op den 30. September 2026 opzeléisen. Déi entspreche Konventioun ass vun alle Gemengerotsmemberen ugeholl ginn.

6. Verlängerung vun de Mietkontrakter vun de Wunnen-gen am ale Schoulgebai zu Bech

Eestëmme huet sech de Gemengerot dofir ausgeschwat, d’Mietkontrakter mat den ukrainesche Famillen ëm ee Joer ze verlängeren.

7. Unhuele vun enger Konventioun mat der Associatioun „Help“ fir den Téléalarme

Nodeems d’Gemeng viru Joren eng Konventioun mat der Associatioun „Sécher Doheim“ ofgeschloss hat fir d’finanziell Ënnerstëtzung beim Service Téléalarme, huet de Gemengerot eestëmme decidéiert dës an Zukunft och an Zesummenaarbecht mat „Help“ ze maachen.

8. Statuten „Amicale Becher Jugend a.s.b.l.“

Eng adaptéiert Versioun vun de Statute vum Veräin „Amicale Becher Jugend a.s.b.l.“ ass vum Gemengerot zur Kenntnis geholl ginn.

9. Subsidien

Den Orchestre des Jeunes de l’Est huet eng Ënnerstëtzung vu 750 € zougesprach kritt fir d’Organisatioun vu sengem Jugendcamp.

10. Rapporte vun de Vertrieder aus de verschiddene Gremien

11. Froe vun de Gemengerotsmemberen an de Bierger

An net öffentlecher Sëtzung:

1. No geheimer Wal ass d’Madamm Michèle Krier eestëmme op de Redakterposten an der Gemengeverwaltung genannt ginn.

Sätzung vum Gemengerot
vum 6. Juli 2026



Present:
Buergermeeschter: Max Pesch
Schäffen: Norbert Classen a Bibi Wintersdorf
Gemengerotsmemberen: Laurent Fisch,
Gilles Kartheiser, Nico Schmit, Christian Turk
Sekretär: Alain Kring
Entschëllegt: //

An öffentlëcher Sätzung:

- 1. Festsetzung vum Tableau de préséance**
Doduerch datt nach d’Vereedegung vum leschte Conseiller net konnt virgeholl ginn, ass dëse Punkt op déi nächst Gemenge-rotssätzung verluecht ginn.
- 2. Ënnerschrëft vun de Beschläss aus der leschter Sätzung**
- 3. Zousatzkrediter**
Eestëmmeg huet de Gemengerot zwee Zousatzkrediter an Héicht vun 2.500 € fir d’Reparatur vum Kierchendaach zu Altréier uegholl, a vun 25.000 € fir d’Ariichten vun enger Spill-plaz zu Hemstel. Fir dëse Projet stinn elo am Ganzen 75.000 € zur Verfügung.
- 4. Upassen vum Verkéiersreglement an der Strooss „Han-ner Bra“ zu Bech**
An der Strooss „Hanner Bra“ zu Bech gëtt op der lénker Säit a Richtung Duerfausgang ee Stationéierungsverbuet festgeluecht.
- 5. Geneemegung vu Konventiounen fir d’Bereetstellung vun Noutwunnengen**
De Schäfferot konnt sech mat zwee Betreier vum Airbnb-Wunnengen an der Gemeng drop eenegen, datt am Noutfall op hir Wunnenge kann zeréckgegraff ginn. Déi entspreechend Konventiounen sinn eestëmmeg vum Gemengerot uegholl ginn.
- 6. Veräinssubsidien**
D’Veräinssubsidien fir d’Joer 2026 si follgendermoossen festge-luecht ginn:

1. Bech-Berbuenger Musek: 7.400 €

2. Fraen a Mammen Bech: 500 €

3. Gaart an Heem Bech: 1.000 €

4. Becher Gesank: 1.000 €

5. Chorale Hemstal: 1.000 €

6. Eng nei Uergel fir d’Becher Kierch: 500 €

7. Becher Jugend: 1.000 €

8. Schanzer Cabarotiker: 1.000 €

9. Sport a Fräizäit Schanz: 1.000 €

10. Cercle d’Aïkido et de Budo Bech: 500 €

11. 50+ Bech asbl: 1.000 €

12. Micky Mais Gemeng Bech: 1.000 €

13. Dësch-Tennis Bech: 3.270 €

14. MSC Altrier 2015: 500 €

15. Amicale Becher Jugend: 1.000 €

16. Schanzer Fëschfrënn: 1.000 €

17. Bellarte: 1.000 €

18. Moto Club Les Iguanes: 1.000 €

19. Amicale Rippeger Pompjeeën: 1.000 €

20. Entente des sociétés: 1.000 €

21. Elvere: 1.000 €

- 7. Bestëmmung vun engem Verrieder an de Comité vum Syndikat SYNECOSPORT**
Den Här Christian Turk ass eestëmmeg als neie Verrieder beim Schoulsyndikat SYNECOSPORT ernannt ginn.
- 8. Bestëmmung vun engem Kandidat fir Verriedung am interkommunale Syndikat SICEC.**
Den Här Christian Turk ass als Kandidat fir d’Verriedung am Syndikat SICEC (Crématoire Hamm) ernannt ginn.
- 9. Rapporte vun de Verrieder aus de verschiddene Gremien**
- 10. Froe vun de Gemengerotsmemberen an de Bierger**

De Familljeminister
op Besuch zu Bech



Den 29. Juli war de Max Hahn, Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliwwen an Accueil, am Becher Gemengenhais op Besuch. De Minister mécht am Moment en Tour duerch all d’Gemengen am Land, fir mat de Schäfferéit iwwer d’Themen ze schwätzen, déi him a sengem Ministère um Häerz leien, an ze kucken, wéi Gemengen a Ministère nach besser zesummeschaffe kënnen.

Am Gespräich mam Schäfferot goung et ëm d’Themen aus sengem Ressort: Famill, Betreierung, Zesummeliwwen a

Solidaritéit. De Minister huet och erklärt, wéi eng Hëllef de Ministère de Gemenge fir konkret Aktiounen bitt, zum Beispill am Kader vum Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliwwen.

De Schäfferot huet dës Initiativ begréisst an dem Minister versprach, datt d’Gemeng Bech alles dofir mécht, fir d’Zesummenaarbecht mam Ministère op héijem Niveau ze halen.

Den 1x1 vun der Offalltrennung zu Lëtzebuerg

Offall trennen ass einfach – an Dir kennt direkt eppes bewierken!

Wa mir eisen Offall doheem richtig trennen, kënnen Materialie wéi Pabeier, Glas, Plastik, Metall a vill anescht recyceléiert an nees benotzt ginn. Esou spueren mir Energie, Waasser a Rohstoffer a reduzéieren eisen CO₂-Ausstouss. Deng Decisioun, richtig ze trennen, huet en direkten Afloss op d'Ëmwelt.

Ressourcenzenter

Zu Lëtzebuerg gëtt et ronn 25 Ressourcenzentren, wou dir all är Wäertstoffer ofgi kënnt, fir datt se recyceléiert ginn. Doriwwer eraus gëtt et a ville Gemengen nach zousätzlech Sammelplazen. D'Öffnungszäiten an déi ugeholl Materialie stinn op de jeeweilege Websäiten oder kënnen bei der Gemeng nogefrot ginn.

Pabeier a Kartong

Properen ale Pabeier oder ale Kartong léisst sech no der Sammlung gutt recyceléieren. Doraus entstinn nei Pabeierprodukter oder Kartongen. Dat spuert Holz, Waasser an Energie a reduzéiert den CO₂-Ausstouss.

- Zeitungen, Zäitschrëften, Kataloger a Bicher
- Pabeierverpackungen (z. B. Verpackunge fir Liewensméttel, Kartongen, Pabeiertuten)
- Heften an Notizblöck (ouni Folie a Spiralbindung)
- Schreif- an Dréckerpabeier
- Enveloppen

- Staark dreckegen oder fettege Pabeier (z. B. fetteg Pizzakartongen)
- Eemolverpackunge mat Plastikbeschichtung (z. B. Zaloteschuelen, Kartongsbecheren an -telleren)
- Multi-Layer-Verpackungen (z. B. Tute fir Kaffi, Chips an Déierefudder)
- Mëllech- a Juskartongen
- Pabeierzerweiten a Fiichtdicher
- Tapéit



Glas

Glas ass e Material, dat sech zu 100 % recyceléiere léisst an ouni Qualitätsverloscht ëmmer erëm benotzt ka ginn. Heiansdo gëtt Altglas no Faarwen (gréng, brong, wäiss/transparent) getrennt, well déi verschidde Glaszorten ënnerschiddlech Hierstellungsprozesser brauchen.



- Glasfläschen (eidel an ouni Verschloss)
- Glasbehälter (eidel an ouni Deckel)
- Gieser


- Fënster- a Spigelglas
- Bieren, Luuchten an aner Liichtméttel
- Porzeläin a Keramik
- Borosilikat (z. B. Pyrex®)

Biooffall

Als Biooffall gëllt all organeschen Offall aus planzlechen oder déieresche Stoffen, deen dowéinst biologesch ofbaubar ass. Dësen Offall kann duerch Kompostéieren oder Vergäre recyceléiert ginn, sou datt wäertvolle Kompost oder Biogas entsteet.

- Kichenoffall (z. B. Äppel-, Gromperen- an Eeërschuelen)
- Iessensreschter (réi a gekacht, och Fleesch a Fësch)
- Kaffi- an Téiereschter
- Gaardenoffall, Gras, Planzereschter a Blummen
- Pabeiertuten an Zeitungspabeier (nëmmen als Tut fir de Biooffall)

- Fett an Ueleg
- Äsch, Kuel, Kiermes, Staubsaugertuten an Zigarettekippen
- Plastikverpackungen an anere Plastik, och biologesch ofbaubaren
- Servietten a Nuessnappecher
- Kazestreu a Wëndelen



Wien e Gaart huet, ka säi Biooffall och direkt doheem kompostéieren!



Plastiks- a Metallverpackungen, Gedrénkskartongen

Verpackunge ginn agesammelt, fir se ze recycléieren. Déi bekanntst Sammlung ass déi blo Valorlux-Tut. Blo Tute kritt ee gratis op der Gemeng, wou ee wunnt, oder ee bestelt se iwwer d’Websäit vu Valorlux. D’Verpackunge solle propper sinn: si mussen net komplett ausgespullt ginn, sollen awer eidel sinn.

- Plastikfläschchen a -flaconen
- Metallverpackunge wéi z. B. Dousen, Fläschekapselen an Alu-Schuelen
- Gedrénkskartongen (z. B. beschichte Mëllech- a Juskartongen)
- Plastiksdëppen, -becheren a -schuelen (z. B. Jughurtsbecheren a Blummendëppen)
- Plastikfolien an -tuten

- Styropor
- Spraydousen
- Multi-Layer-Verpackungen (z. B. Tute fir Kaffi, Chips an Déierefudder)
- Kaffiskapselen
- Plastiks- a Metallprodukter, déi keng Verpackunge sinn
- Pabeier/Kartong
- Verpackunge vu Medikamenten, Sprëtzen a Baxter
- Verpackungen aus schwaarzem Plastik
- Verpackunge mat GHS-Symbol (= Geforesymbol)

Méi Infoen op www.valorlux.lu

VALORLUX

Geféierlechen Offall/ Problemoffall

Zu Lëtzebuerg sammelt d’SuperDrecksKëscht® fir Bierger Produkter mat Schuedstoffer aus de Privathaushalter. Si mussen fachgerecht entsuergt ginn a gehéieren net an den Hausoffall oder an d’Toilette.

- Alueleg a Brennstoffer
- Batterien an Akkuen (am Opdrag vun ECOBATTERIEN*)
- Behälter mat Geforesymboler
- Datendréier (z. B. DVDen a Kassetten)
- Dünger a Planzeschutzmëttel
- Drockgasfläschchen
- Faarwen a Lacken
- LED- an Neonsluchten
- Léisungsmëttel a Chemikalien
- Medikamenten, Kosmetikproduiten a medezineschen Offall, souwéi Sprëtzen
- Botzmëttel
- Spraydousen
- Kachueleg a Kachfett
- Tonerkartuschen an Tëntepatronen



D’Sdk organiséiert reegelméisseg mobil Sammlungen an de Gemengen.


Méi dozou op www.sdk.lu

*Infoen zu Batterien an Akkuen: www.ecobatterien.lu

ecobatterien
association sans but lucratif

Elektroschrott

Ecotrel sammelt elektronesch Geräter an, an Zesummenaarbecht mat der SuperDrecksKëscht®, de Gemengen, de Ressourcenzentren an dem Handel.



- Grouss Haushaltsgeräter
- Killgeräter, Klimaanlagen an Ueleggradiateuren
- Kleng Haushaltsgeräter
- Bildschiermer
- Computeren, Handyen a Smartphones

- Batterien
- Bieren

Wat maache mat aler Elektronik an Elektroschrott? www.ressources.lu

SDK RESSOURCEN INNOVATIONEN NACHHALTIGKEIT CIRCULAR ECONOMY
SuperDrecksKëscht®

Méi Infoen op www.ecotrel.lu

ecotrel
association sans but lucratif

Reschtofall

An de Reschtofall gehéiert all Offall, deen net recycléiert an net getrennt gesammelt ka ginn. Dësen Offall gëtt verbrannt oder kënn op d’Deponie. Wat manner am Reschtofall landt, wat besser!

- Wëndelen, Fiichtdicher an Hygiènesproduiten
- Kartongsbecheren an Eemolverpackungen aus Pabeier mat Plastikbeschichtung
- Zigarettekippen
- Kazestreu

- Wäertstoffer (Pabeier, Kartong, Glas, Biooffall, Holz, ...)
- Geféierlechen Offall (Medikamenten, Faarwen/Lacken, Spraydousen, Kosmetikproduiten, Batterien, ...)



Sperrmüll

Als Sperrmüll bezeechent ee méi grouss Haushaltsgéigestänn, déi net méi gebraucht ginn a wéinst hirer Gréisst net an déi normal Poubelle passen: Miwwelen, Matrasen, Teppecher asw. D’Gemenge sammeln de Sperrmüll dacks un extra Deeg an. Dir kanns en awer och an de Ressourcenzenter bréngen.

Méi Informatiounen iwwer d’Offallentsorgung an denger Regioun: bei denger Gemeng oder op www.emwelt.lu



Klimaforum

HËTZT, IWWERSCHWEMMUNGEN – WAT MAACHE MIR?

Zesumme fir e méi klimaresilient Liewen an eise Gemengen. De Klimawandel stellt eis alleguer virun nei Erausfuerderungen. Mee genee do, wou mir liewen, kënnen mir zesummen eppes bewierken. Är Erfarungen, Är Observatiounen an Är Iddie si wichteg, fir eis Gemengen nach besser op d'Verännerungen ze preparéieren.



26/10/2026



18:30 - 21:00



Centre polyvalent
„Kuerzwénkel“
19, rue de Berdorf,
L-6213 Consdorf



Traduction / Translation
Français / English



Léif Awunner, de Klimawandel ass keen Thema vun der Zukunft - en ass scho bei eis. Hëtzt am Summer an Iwwerschwemmungen, dat spiere mir och an eisen Dierfer ëmmer méi. U verschiddenen Dëscher tauscht Dir Iech mat Ären Noperen aus, bréngt Erfarungen an a kënnt zesummen Iddie presentéieren, déi direkt an d'Klimastrategie vun eise Gemengen afléissen.



Chères habitantes, chers habitants, le changement climatique n'est plus un enjeu d'avenir: il est déjà bien présent. Les fortes chaleurs en été et les inondations sont des réalités que nous ressentons de plus en plus dans nos villages. Répartis autour de diverses tables de discussion, vous aurez la possibilité de discuter avec vos voisins, de partager vos expériences et de développer ensemble des idées concrètes qui seront directement intégrées dans la stratégie climatique de nos communes.

Une traduction en français sera assurée.



Climate change is no longer a future concern: it is already a reality. In our villages, we are increasingly confronted with the realities of flooding and heatwaves during the summer. At a variety of discussion tables, you will have the chance to engage in conversation with your neighbours, exchange experiences, and collaborate to generate practical ideas that will be directly integrated into the climate strategy of our municipalities.

Interpretation into English will be provided.

Är Gemengen, vos communes, your municipalities:

**BECH - BEAUFORT - CONSDORF - HEFFINGEN -
WALDBILLIG**



Iwwerschwemmungen



Dréchent

Méi lues

VERKÉIERSBEROUEGUNG UM GEYESCHHAFF




Am Juli huet de Schäfferot sech mat den Awunner vum Geyeschhaff getraff, fir gemeinsam ze kucken, wéi de Verkéier am Duerf méi roueg a sécher ka gestalt ginn. Am Mëttelpunkt vum Austausch stoung d'Propos, op verschidde Plaze sougenannte Sinus-Knuppen anzeriichten.

Fir dës Form vu Bremsschwellen hu mir eis ganz bewusst entscheet: Si suergen dofir, datt Autoen hir Vitess reduzéieren, sinn awer gläichzäiteg esou konzipéiert, datt méi grouss Gefierer, wéi Trakteren an aner landwirtschaftlech Gefierer (bei der virgeschriwwener Vitess), gutt driwwer fuere kënnen. Dat ass grad an eisen Dierfer e wichtege Punkt.

D'Propos ass bei den Awunner ganz positiv opgeholl ginn. Wéi beim gemeinsamen Treffen ofgeschwat, wäerten an den nächste Wochen insgesamt fënnf Sinus-Knuppen um Geyeschhaff installéiert ginn: jeeweils ee an den Duerfagäng an dräi weider am Duerf selwer.

De positiven Austausch um Geyeschhaff weist eis och, wéi wichteg et ass, esou Moosnamen zesumme mat de Leit op der Plaz ze plangen. Dëse Wee wëlle mir dofir och an aneren Uertschafte weidergoen. Fir d'Fréijoer 2027 ass virgesinn, mat den Awunner vun der Kräizenhéicht an dem Kuebebuer zesummenzekommen, fir gemeinsam ze diskutéieren, wéi eng Moosname fir méi Verkéierssécherheet an eng passend Entschleunegung do am beschte Sënn maachen.



-  Chaussée
-  Panneau de signalisation projeté
-  Îlot pavé
-  Accès carrossable
-  Bordure +13 cm
-  Borne
-  Panneau de signalisation existant

Subsiden

Upassung vun de finanzielle Bähëllef vum der Gemeng fir d’Förderung vun der rationeller Energienotzung an d’Notze vun erneierbaren Energien.

Rénovation énergétique et économies d’énergie et de ressources naturelles		
	1. Conseil en énergie	10 % de la subvention étatique avec un maximum de 300 €
	2. Isolation thermique extérieure ou intérieure des murs extérieurs d’une habitation existante	10 % de la subvention étatique avec un maximum de 1.800 €
	3. Isolation thermique de la toiture ou de la dalle supérieure contre une zone non chauffée d’une habitation existante	10 % de la subvention étatique avec un maximum de 1.200 €
	4. Isolation thermique de la dalle inférieure ou des murs contre sol ou zone non chauffée d’une habitation existante	10 % de la subvention étatique avec un maximum de 1.200 €
	5. Remplacement fenêtres et portes-fenêtres	25 % de la subvention étatique avec un maximum de 600 €
Construction durable		
	1. Construction d’un logement durable	10 % de la subvention étatique avec un maximum de 1.200 €
	2. Établissement d’un certificat durable (LENOZ)	25 % max. 500 €
Mobilité douce		
	1. Achat d’un vélo électrique ou d’un cycle à pédalage assisté (Pédélec/max. 0,25 kW et 25 km/h)	200 €
	2. Installation d’une borne de recharge électrique	25 % de la subvention étatique avec un maximum de 250 €
	3. Achat d’une voiture électrique	10 % de la subvention étatique avec un maximum de 500 €

An der Gemengerotssëtzung vum 6. Mee 2026 huet de Gemengerot eestëmmeg decidéiert d’Reglement aus dem Joer 2019 mat Wierkung zum 1. Juni 2026 unzepassen. Allgemeng sinn d’finanziell Bähëllefen un d’Präisindexsteigerung vun de leschte 7 Joer ugepasst ginn.	Fir an de Genoss vun de Bähëllefen ze kommen, muss deen entsprechende Formular ausgefëllt ginn, deen op der Internetsäit www.bech.lu ënnert der Rubrik „ma commune/accueilBiergeramt/Formulaires administratifs“ ze fannen ass.
D’Förderung fir Photovoltaikanlagen gëtt elo op Basis vun der installéierter Leeschtung berechent. Et sinn awer och nei Bähëllefen agefouert ginn, esou z.B. fir Batterie-späicher.	Bei all Demande müssen déi um Formular opgezielten Dokumenter bäigeluecht ginn. D’Subventioun fir de Kaf vun engem Elektroauto oder Elektrovélo kann nëmmen all 5 Joer accordéiert ginn.
Ausserdeem gëtt de Kaf vun engem Elektroauto och elo subventionéiert.	Hei am Tableau fannt Dir eng Oplëschtung vun alle Bähëllefen:

Énergies renouvelables & collecte eau de pluie		
	1. Installations solaires photovoltaïques (max. 30 kWp)	≤ 10 kWp: 195 € / kWp > 10 et ≤ 20 kWp: 115 € / kWp > 20 et ≤ 30 kWp: 60 € / kWp
	2. Installations solaires thermiques	10 % de la subvention étatique avec un maximum de 600 €
	3. Installation de pompes à chaleur	10 % de la subvention étatique avec un maximum de 600 €
	4. Installation d’un chauffage central à granulés de bois, à plaquettes de bois ou à bûches	25 % de la subvention étatique avec un maximum de 1.200 €
	5. Mise en place d’un réseau de chaleur et/ou raccordement à un réseau de chaleur	25 % de la subvention étatique avec un maximum de 1.200 €
	6. Installation d’une batterie de stockage solaire excepté batterie pour véhicules	50 € par kWp avec un maximum de 600 €
	7. Installation d’une infrastructure pour la collecte d’eau de pluie	50 % de la subvention étatique avec un maximum de 500 €
Chauffage		
	1. Contrôle unique de l’efficacité énergétique (« Heizungscheck »)	75 €
	2. Remplacement d’un ancien circulateur de chauffage par une pompe à haute efficacité énergétique (IEE ≤ 0,20)	75 €
	3. Remplacement chauffage fossile par un système à énergie renouvelable	1.000 €
	4. Élimination d’un réservoir de mazout ou de gaz	250 €

Motoclub Les Iguanes

President: Rehlinger Claude (vun 1981 un am Club)
Sekretärin: Rehlinger-Hansen Michèle
Keessier: Kirtz Ronny
Managerin: Michalak Marion
Vizepresident: Reinert Jean-Paul
Memberen: Huberty Conny, Engel Romain



De Motoclub Les Iguanes ass am Juli 1978 vun e puer Leit, déi ëmmer zesumme Motorrad gefuer sinn, gegrënnt ginn.

De Motoclub Les Iguanes ass ee vun den eelste Motorradclubb hei am Land. En huet momentan 15 Memberen. De Comité besteet aus 7 Leit.

Während engem Motorradtreffen zu Darfeld am Münsterland koumen e puer Frënn op d'Iddi, selwer e Motorradclub ze grënnen. 1978 war et dunn an engem Café zu Jonglënster sou wäit. Ufanks wollten d'Grënnungsmemberen de Club „Regenreiter“ nennen, well et ëmmer gereent huet, wa si ënnerwee waren. Dofir och dee Motospneu am Waasser op deem éischte Logo.

Si hu sech dunn op MC Junglinster geeenegt. Nom Plënnere op Consdorf ass den Numm dunn „MC Consdorf Les Iguanes“ ginn, well ee vun de Grënnungsmemberen en ausgestopptene Leguan geschenkt krut, deen du seng fest Plaz am Café Kuelscheier zu Consdorf krut.



Dat éischt internationalt Treffen (1981) huet zu Consdorf an enger Wiss stattfonnt a war direkt e vollen Erfolg, a vun do un ass all Joer en Treffen organiséiert ginn, ëmmer Enn Juli.

Dono koum de Wiessel vu Consdorf op Rippeg, an dunn ass den Uertsnumm am Numm vum Club ewechgelooss ginn.

Vun 1993 un huet d'Treffen ëmmer zu Rippeg stattfonnt, ufanks an där grousser Wiss iwwert der Vëlospist a spéider op de Wise ronderëm de Pompjesbau.

Am Joer 2023 hu mer eist 45järegt Bestoe gefeiert. Domat si mir deen eelsten nach bestoeende Fräizäitmotorradclub hei am Land.

Zu Rippeg si mir mat de Pompjeeën déi zwee eenzeg Clubben, a mir deelen eis a grousser Harmonie de Pompjesbau als Clubsätz. Trotz eiser héijer Altersmoyenne si mir nach stark aktiv, a bal all Weekend ënnerwee op déi verschidden Treffen am Land an och auswärts, fir Reklamm fir eise Club ze maachen. Mir sinn och ganz aktiv an der Gemeng Bech an huelen u quasi all de Gemengenaktivitéiten deel.

15 Memberen a mir sin zu 7 Leit am Komitee.



Cercle d'Aikido et de Budo Bech

President: Christian Ullrich
Sekretärin: Cécile Schauer
Tresorier: Eric Contet
Comitésmemberen: Anne Weis, Jérôme Berthol

Kontakt: cab@aiki.lu • +(352) 621 555 889



De Cercle d'Aikido et de Budo Bech, kuerz CAB Bech, gouf am Abrëll 2024 gegrënnt. Aikido ass eng japanesch Kampfkunst, bei där net d'Konkurrenz, mee kontrolléiert Beweegungen, Gläichgewiicht an de respektvollen Ëmgang mam Trainingspartner am Mëttelpunkt stinn. De Club riicht sech u Kanner, Jugendlecher an Erwuessener; Virkenntnisser sinn net néideg.

D'Kanner trainéiere méindes vun 18.00 bis 19.00 Auer. Fir Jugendlecher an Erwuessener ass den Training méindes a mëttwochs vun 19.15 bis 20.45 Auer; duerno ass bis 21.30 Auer Zäit fir Waffenaarbecht an Open Mat. D'Traininge fannen am Centre culturel Hanner Bra zu Bech statt.

2025 huet de CAB säi reegelméisseg Trainingsangebot gefestegt an Aikido och ausserhalb vum Dojo virgestallt. De Club huet Aféierungscoursen am Lycée Technique Agricole ugebueden an un der Nuit du Sport deelgeholl. Och déi erfollegräich Exame vun de Kanner an den Erwuessene waren e schéine Moment am Veräinsjoer. Déi enk Zesummenaarbecht mam CAB Bertrange bitt de Membere weider Trainingsméiglechkeeten a gemeinsam Stagen.

Besounesch houfreg ass de Club op seng Participatioun um Embukai am Kader vum 55. Anniversaire vum Aikido zu Lëtzebuerg. De CAB Bech hat d'Éier, sech a seng Aarbecht a Presenz vu Vertrieder vun der japanescher Ambassade a vum Meeschter Mitsuteru Ueshiba, dem Urenkel vum Grënner vum Aikido, O'Sensei Morihei Ueshiba, virzustellen.

D'Joer 2026 huet fir de Club eng nei Etapp markéiert. Bei der Aweigung vum Centre culturel Hanner Bra huet de CAB Bech Aikido sech mat enger Demonstratioun an engem aktiven Atelier virgestallt. Zanter dem 1. Juni huet de Club hei säin neien Dojo a kann elo zweemol d'Woch trainéieren.

E sportlechen Héichpunkt war de véierstënnege Stage vum 4. Juli mam Eric Contet, 6. Dan Aikikai, fir den neien Dojo anzeweien. D'Kannerexamen an de gemeinsame Club-BBQ zum Ofschloss vun der Saison hunn dëst besounesch Joer ofgerënnt. Nei Interesséierter sinn häerzlech wëllkomm, de Club an Aikido bei engem Schnuppertraining kennenzéieren.

- 1 Kannerexamen am Juni 2026
- 2 Club-BBQ zum Ofschloss vun der Saison
- 3 Waffenaarbecht beim Aweigungsstage mam Eric Contet, 6. Dan Aikikai
- 4 Aikido-Demonstratioun vum CAB Bech bei der Aweigung vum Centre culturel Hanner Bra



Chorale Sainte-Cécile Hemstal

Presidentin: Hau-Thomé Thérèse
Vizepräsidentin: Mirkes Josiane
Sekretär: Frisch Carlo
Keessier: Hau Jean-Michel
Memberen: Hempel Axel

Kontakt: jhau@pt.lu - 691 748 333



Eng vun den eelste Paren hei aus dem Eck hat 1895 schonns e Chouer.

Déi 1. Statute vum Veräin si vun 1895, den éischte Fändel kruten déi Hemsteler Sänger 1896. Sänger ass richteg gesot, well bis 1973 war de Chouer e Männerchouer. Vun 1973 un sangen Dammen an Hären zesummen am Veräin. Dem Hemsteler Chouer war an ass et en Uleies, e Kierchechouer ze sinn, deen d'Liturgie fleeht a gestalt. Mir sangen natierlech och weltlech, a mat eegenen Texter.

Wichtig ass et eis, dass mir e villsäitege Repertoire sangen an eng engagéiert Gemeinschaft sinn. No enger intensiver Prouf ass et eis éfters en Uleies, zesummen ze bleiwen an e Patt zesummen ze drénken an op Gebuertsdeeg oder aner Momenter unzestoussen. Gesang ouni Gemeinschaft géif fir eis net goen. Sou ass et eis och ganz wichtig, no bei de Leit ze sinn, an hir Freed oder hiert Leed matzedroen. All Programm gétt op d'Liewenssituatioun an op d'Leit ofgestëmmt an an den Aklang mat dem Glawen, sou énnerschiddlech deen ass bei de Leit, bruecht. Et ass eis wichtig, do ze si fir d'Leit an den Dierfer vun der Gemeng an doriwwer eraus.

Den 9. Oktober 2004 war den 1. gemeinsamen Optrëtt mat de Frënn vu Biwer. Déi gutt Zesummenaarbecht geet iwwer d'Grenze vun der Par a vun der Gemeng eraus.

Fir Iech e bësselchen ze erzielen, wat mir sou maachen: An der éischter Hallschent vum Joer:

Kierchlech Feierdeeg a Sonndesmassen • Antuniuskiermes zu Rippeg • Tëleesmass fir Bibelsonndeg zu Hemstel • Mattheisdag op der Schanz • Vesper bei der Pastoralvisite zu Lënster • Zwou Kommioniounen • Ofschlossandacht vun der Sprangpressessioun an der Basilika • Kleng Kiermes zu Hemstel, wou mir de Männergesangsveräin vu Béiwen un der Atert mat der Dirigentin Marguerithe Thomé-Schmit agelueden haten • Bis elo 18 Begriefnesmasse gesongen an eng Hochzäit

Eis nächst Optrëttler énnert der Leedung vum Tom Osborne:

Kierchlech Feierdeeg a Sonndesmassen • Feier fir Jakobusdag de 27. September an der Gemeng Biwer • Tëleesmass den 18. Oktober fir de Weltmissiounssonndeg zu Biwer • Firmung den 13. November zu Iechternach • Niklosuucht de 6. Dezember • Concert bei 50+ Bech den 12. Dezember an dann ass schonns Chrëschttag.

Schonn elo luede mir Iech häerzlech an fir bei eis lauschteren ze kommen. Eis Prouwe si mëttwochs vun 19.30-21.30 zu Hemstel am Gemengesall. Dir sidd eis häerzlech wellkomm. Op de Fotoe kënnt Dir Iech iwwerzeegen wéi geselleget et bei eis ass. Huelt Kontakt mat eis op, mir freeën eis.



Schanzer Cabarotiker a.s.b.l.

President: Claude Hansen
Sekretärin: Sophie Ternat
Keessier: Tom Becker
Comitésmemberen: Marc Schneider, Véronique Thill

Kontakt: mibono@pt.lu - 799 660



Humorvoll Cabaro-Dinner-Owender 2026 zu Bech:

Den 13. a 14. Mäerz 2026 hunn d'Schanzer Cabarotiker an de Restaurant Steinmetz zu Bech op ee flotten Cabaro-Dinner invitiert. Den Owend stoung dëst Joer ënnert dem Motto „Improvvisiert? Wurschtelëiert!“.

Tëscht deenen eenzelne Gäng gouf et en ofwiesslungsräiche Programm. D'Sketcher ware voller Humor, Alldagssatir an onerwaarte Wendungen.

Fir vill Laache gesuergt hunn „Famillje-Pingpong“, „D'Kachplack“, „Hänsel a Gréidel“, „Am Altersheem“ a „Gen-Z“. Am „Muechtwiessel“ gouf d'Gemengepolitik op d'Schëpp geholl. Beim „Hieschtlaaf“ waren déi national politesch Parteien un der Rei. Och dat humoristesche Iwwerschaaf vum „Routkäppchen a Wollef“ huet de Publikum beegescht.

Musikalesch Bäitrag hunn de Programm ofgerënnert. Zesumme mam leckere Menü gouf fir zwee flott a geselleget Owender gesuergt. D'Acteuren, Museker an d'Leit hannert der Bün goufe vum Publikum mat vill Applaus belount.

Och 2027 wäerten d'Cabarotiker nees am Mäerz fir Iech op de Brieder stoen. Mir freeën eis, Iech dann do ze gesinn.

Mir spillen nees Theater!

D'Schanzer Cabarotiker presentéieren am neie Sall Hanner Bra zu Bech d'Theaterstéck „DE SAUNA-GIGOLO“ vum Andreas Wening.

Virstellungen:

- 17. Oktober um 20:00 Auer & 18. Oktober um 16:00 Auer
- 23. & 24. Oktober um 20:00 Auer

Et spillen énnert der Regie vum Marc Schneider:

- Véronique Thill als Thérèse Thommes
- Christiane Girst als Elisabeth Metz
- Mieke Majerus als Julie Schmidt
- Sophie Ternat als Rita Reiff
- Karin Moelee als Rose Muselwäiss
- Pascal Blei als Sandro Hardt
- Claude Hansen als Charel Schmidt
- Luc Girst als Claude Thommes
- Marc Schneider als Gerard Metz
- Thierry Koob als Jérôme Quast
- Serge Oth als Dr Jules Muller

Reservéiert Är Plaze beim Mireille Bohnenberger:

mibono@pt.lu oder 799 660 (18:00 bis 20:00 Auer)





**Remerciement
Marc Weides – DT Bech
04.06.2026**

No 52 Joer Mataarbecht am Comité vum DT Bech - an dovunner 50 Joer als Sekretär - krut de Marc Weides vum Veräin häerzlech Merci gesot fir säin aussergewöhnlecht Engagement.

**Bëschfest op der Schanz
Micky Mais Gemeng Bech
07.06.2026**

De 07. Juni war d'Bëschfest vun de Micky Mais beim Waasserturm op der Schanz, mat Spiller fir Grouss a Kleng.



**Kleng Kiermes zu Hemstel
13.06.2026**

Ewéi all Joers huet d'Chorale Hemstal/Biwer déi kleng Kiermes zu Hemstel gefeiert. Dëst Joer war et de Männerchouer vu Béiwen un der Attert, dee fir de gesanglechen Deel vun der Mass zoustänneg war. D'Mass gouf zelebréiert vum Här Paschtouer Carlo Morbach. No der Mass gong et an de Veräinsbau zu Hemstel, wou mat engem gudde Maufel an engem gudde Pättchen ugestouss gouf, an e flotten Owend mat ganz ville Leit verbruecht gouf.



**Ausflug Fraen a Mammen
14.06.2026**

D'Fraen a Mammen aus der Gemeng Bech hunn hiren alljärechen Ausflug de 14. Juni, op Mammendag, gemaach. Si sinn um Schëff Marie-Astrid mat flotter Danzmusek a guddem Iesse verwinnt ginn an haten e wonnerschönen Dag op der Musel.



Éierung DT Bech

23.06.2026

Fir de Gewënn vun der „Coupe Julien Mersch“ gouf déi 1. Ekip vum DT Bech op Nationalfeierdag vun der Gemeng geéiert: e schéine Succès fir dee sportleche Asaz an ee staarken Teamgeescht.



Te Deum mam
Becher Gesank
23.06.2026

Mam traditionellen Te Deum a weidere Stécker huet de Becher Gesank zu de Feierlechkeete vum Nationalfeierdag bäigedroen.

Fir de Chouer war et eng besonnesch Freed, dësen Dag zesumme mat der ganzer Gemeng ze feiern.



Konscht- a Billerausstellung Bellarte 26.-28.06.2026

Vum 26. bis den 28. Juni 2026 huet de Club Bellarte am Centre Culturel „Hanner Bra“ op eng flott Konscht- a Billerausstellung invitéiert. Déi villfältig Wierker hu bei de Visiteure fir vill Begeescherung gesuergt. Mat vill Interessi vun de Gäscht war d’Veranstaltung och dëst Joer e volle Succès.



Mat der Erweiterung vum Centre Culturel „Hanner Bra“ ass eng nei Plaz fir Kultur a Kreativitéit entstanden. Am Kader vun der Aweigung hunn d’Kënschtler vum Club Bellarte sech mat enger gemeinsamer Billerwand op eng ganz perséinlech Aart a Weis am neien Deel vum Centre Culturel veréiwegt. Déi Wand ass net nëmme e flotte Souvenir un dës besonnesche Moment, mee ënnersträicht déi kulturell Villfalt an der Gemeng.



Hobby- & Konschtmaart zu Bech 28.06.2026

Den 28.06.2026 huet zu Bech den Hobby- a Konschtmaart stattfonnt, organiséiert vun der Amicale Becher Jugend. Bei schéinem a sonnegem Wieder hu vill Visiteuren de Wee op de Maart fonnt. Mat ronn 50 Stänn gouf et eng grouss Auswiel u Konschtwierker, Handaarbechten, Dekoratiounen an anere kreative Produkter. Sou war fir Grouss a Kleng, a fir all Goût, eppes dobäi.

No där gelangener 2. Editioun vum "Hobby- a Konschtmaart Bech" kucken d'Memberen zefridden op een erfollegräichen Dag zréck.



Vum Becher Gesank:

De Becher Gesank huet mat sengem Optrëtt fir musikalesch Ënnerhaltung gesuergt an dee faarwege Programm vum Dag beräichert.



Vue vun uewen:

Bei beschtem Summerwieder huet eis Uertschaft sech um Dag vum "Hobby- a Konschtmaart Bech" vun hirer schéinster Säit gewisen (Foto: Franky Kleis).

Kréinung vun der Blummekinnigin 03.07.2026

Eng schéin Traditioun leeft weider!

Zanter Ufank vun den 1950er-Joren fiert d'Blummekinnigin zu Gréiwemaacher, deemools vun den Amis de la Fleur, um Ëmzuch vum Drauwen- a Wäifest mat. Aus dem Wonsch, d'Blummekinnigin méi an de Mëttelpunkt ze stellen, ass eng schéi Kréinungstraditioun entstanden. D'Blummekinnigin Nathalie mat hire Prinzessin Liz a Mara waren 2025-26 mat Begeescherung um Wäifest zu Éinen an zu Meechtem.

D'Gemeng Fluessweiler huet zu Eier vun der Blummekinnigin Nathalie am Gemeengegärtchen eng Rous geplazt an eng Erënnerungsplack ubruecht. Ganz flott war et op dem Kinniginnendag op der Schueberfouer. Duerno waren si um Kréinungsend vum der Wäikinnigin Jill. Sonnes hunn si um Ëmzuch zu Gréiwemaacher mat hirem Won, dee mat frësche Blumme verschéinert war, deelgeholl.



Fir d'Kréinungsfeier vun der Rieslingskinnigin Tessy a Sonnes op de Riesling open waren si invitéiert. Des Weidere waren si agelueden op de Blumentreff op Boernereng. Net ze vergiesse den Neijoerschpatt an de Kongress zu Mertzgum CTF. Dem Nathalie en décke Merci, an elo ass et dann um Liz. D'Kréinung war e besonnesche Moment fir d'Blummekinnigin Liz a fir d'Prinzessin Mara a Julie. Mir wënschen hinne vill Freed an eng onvergesslech Zäit.

D'Amicale Gaart an Heem Régionale Osten seet der Gemeng Bech e ganz härezele Merci, datt mir des schéi Feier op der wonnerschöiner Terrass vum Sall „Hanner Bra“ hunn dierfe feiern.



Éierung vum Camille Kohn, a Vereedegung vun zwee neie Conseilleren 07.2026



No hirer Vereedegung begrësse mir eis zwee nei Gemengeconseilleren, de Christian Turk an den Jacques Schuler offiziell am Gemengerot. Mir wënschen hinne vill Erfolg, Engagement a Freed bei hirer neier Aufgab am Dénsgscht vun eiser Gemeng.

De Rafael Fernandes gouf bei de Gemengewale gewielt, ka säi Mandat awer aus perséinleche Grënn net unhuelen.

Den neie Gemengerot hat d'Éier, dem Camille Kohn säin Diplom als Éierebuergermeeschter vun der Gemeng Bech offiziell z'iwwerreechen.



Ausflug Gaart an Heem 07.07.2026

De Gaart an Heem Bech war och dëst Joer op verschiddene Plazen aktiv. De 7. Juli sinn 25 Memberen op en Ausflug op Bissen gefuer, mat enger Visite guidée vun der Luxlait, engem gemeinsame Mëttegiessen am Bistro vun der Molkerei an enger gefouerter Visite duerch d'Chocolaterie du Tricentenaire.

Schonn am Februar hat de Veräin e schéine Geste gesat: Am Kader vu senger Generalversammlung, déi de 27. Februar stattfonnt huet, huet de Gaart an Heem Bech e Scheck vun 1.500 Euro un d'Associatioun Häerzkrank Kanner Lëtzebuerg iwwerreecht. Dës Zomm huet sech zesummegeat aus dem Erléis vum Hierschtfest 2025 an der Niklosfeier vun der Gemeng Bech, ergänzt duerch e Bättrag vun 150 Euro, deen de Pier Johans aus sengem Foto-Virtrag iwwer seng Vélosrees op Santiago de Compostela bäigesteiert huet.



Aarbechtsiessen op der Becher Gare 11.07.2026

No enger interessanter Aarbechtssëtzung hunn de Gemengerot an en Deel vum Personal sech op der Becher Gare getraff, fir an enger gemittelter Atmosphär zesummen z'iessen an sech auszutauschen.



Ofschlossconcert Bech-Berbuenger Musëk 11.07.2026

Zum Schluss vun der Saison 2025-2026 hunn d'Pink Notes esou wéi d'BBM hiren traditionellen Ofschlossconcert, dëst Joer zu Bech Hanner Bra, gespillt.

30 Joresfeier vun de Schanzer Fëscherfrënn 12.07.2026

An enger klenger Usprooch huet den Néckel, dee säit 30 Joer President ass all Invitéë begréisst an der Gemeng, déi duerch de Classen Norbert vertruede war, MERCI gesot fir alles wat si fir d'Veräiner mécht.

Wéi d'Schanzer Fëscherfrënn den 1. Abrëll 1996 gegrënnt goufen hu vill Leit aus der Gemeng geschmunzt well si gemengt hunn et wier en Abrëllsgeck. D'Schanzer Cabarotiker hunn d'Fëscherfrënn an engem klenge Sketch op den Aarm geholl. Dëse Sketch gouf mat ville Fotoen aus deenen 30 Joer während dem Aperitif gewisen.

No engem gudden Iessen, wat vum Weidert Tom vun Uesweiler geliwwert gouf, hunn all Gäscht nach e puer flott Stonne bei engem gudde Patt an interessant Gesprécher de Mëtteg ausklénke gelooss.

Nächst Aktivitéiten:

- Dënschdes de 17. November: Verkaf vun Hierken, Wëllschwäin Zoossiss a Paté, 7 Heeschbregewe Altréier.
- Dënschdes de 24. November: Verkaf vun Hierken, Wëllschwäin Zoossiss a Paté, 7 Heeschbregewe Altréier.
- Samschdeg de 28. November: Niklosmaart, op der Schanz beim Veräinsbau.
- Freides den 18. Dezember: Verkaf vun Hierken, Wëllschwäin Zoossiss a Paté, 7 Heeschbregewe Altréier.



Margréitekiermes zu Heeschbreg 20.07.2026

Wéi d'Traditioun et wëllt huet de Chouer Hemstal/Biwer den 20. Juli zu Hersberg an der Kapell zesumme mat den Awunner vun Hersberg d'Mass fir Margréitekiermes gefeiert. D'Mass gouf zelebréiert vum Här Paschtouer Carlo Morbach.

No der Mass hunn d'Awunner vun Heeschbreg op dat traditionellt Fierkel invitéiert. Ee wirklech gelungenen Owend mat ville flotten Anekdoten.



Tunneldisco 23.–25.07.2026

De leschte Weekend am Juli huet d'Becher Jugend hir Tunnel-disco am Becher Tunnel organiséiert. Dëst Joer ass d'Event fir d'éischte Kéier iwwer dräi Deeg gaangen. Donneschdes, den 23. Juli, ass et mat engem flotten After-Work mam Mambo Schinki lassgaangen.

Freides stoung Musek aus den 90er an 2000er um Programm. Als Ofschloss hunn um Samschdeg national DJs elektronesch Musek opgeluecht. D'Tunneldisco war e vollen Erfolg a soll och d'nächst Joer nees iwwer dräi Deeg goen.





**Summerparty vum
Motoclub Les Iguanes
24., 25.07.2026**

De Motoclub Les Iguanes huet den 24. an 25. Juli 2026 seng Summerparty gefeiert, déi e groussen Erfolleg bei de Motorrad-fuerer an och bei den Duerfleit war.

Samschdes, de 25. Juli, hu mir eng Tour vun 100 km organiséiert. Den Tour goung iwwer Manternach - Gréiwemaacher - Ohn - Fluessweiler - Gonnereng - Buerglénster - Blaschette - Fëschbech an Angelsberg. Zu Noumer hu mer beim Champignons-Fiels eng Paus gemaach. Vun do aus si mer dunn duerch de Blummendall zréck op Rippeg gefuer. Fir Essen an Drénke war gesuergt.



Grillfest vun den 50+ Bech 12.08.2026

Mir soen eise Membere Merci fir déi gutt a vill Zaloten, Taarten, Kuchen a Glace souwéi all deene Leit, déi gehollef hunn, datt mir e flotte Mëtteg haten!

Éierung vum Mariette an Théo



**Duerffest op der Schanz
15.08.2026**

De 15. August, op Maria Himmelfaart huet d'Becher Jugend d'Duerffest op der Schanz ofgehalen. Nieft Gedréns, Gegrills a gudder Stëmmung gouf et och e Sprangschlass fir d'Kanner.





Léiffrawäschdag beim Bildchen 15.08.2026

Léiffrawäschdag, de 15. August, ass op der Schanz d'Liichterpressessioun vun der Kierch aus bis bei d'Bildchen gaangen. D'Pressessioun gouf vun der Bech-Berbuerger Musëk begleitet. Beim Bildchen ass dann eng Mass zu Éiere vun der Muttergottes gefeiert ginn.



IVV Wanderung 16.08.2026

Wat e flotte Weekend! Bei waarmem Wieder hu 616 Leit un eiser Wanderung deelgeholl an si sinn iwwer déi dräi Strecken vu 6 km, 11 km an 20 km tëschent Bech an Hierber gaangen.

E grouse Merci geet un all déi, déi gehollef hunn, fir dësen Event méiglech ze maachen, un all d'Participanten, déi komm sinn, fir ze wandern, un déi, déi bei eis eppes gëss oder gedronk hunn an e besonnesche Merci och un d'Lëtzebuurger Wandersportfederatioun, d'Gemeng Bech (fir zur Verfügungstellen vum Material), d'Commune de Rosport-Mompach (fir en Accès op d'Toilette an Kontrollinstallatioun bei der Hierber Scheier) fir hir Ënnerstëtzung!

E grouse Merci och un d'Wanderveräiner vun Diddeleng (Gehansbiérgknappen 75 Butschebuerg asbl), Itzeg (Footing Club Itzeg), Ettelbreck (Wanderfrënn Ettelbréck), déi de Podium gemaach hu mat deene meeschte Participanten.

Mir freeën eis, Iech geschwënn erëm ze gesinn – bis dohin: bleift sportlech, genéisst d'Natur a passt op si an Iech op!



Eng natierlech Konser- véierung voller Liewen

D'Mëllesaiier-Gärung vu Geméis

Bei der Mëllesaiier-Gärung mécht d'Geméis, dat a loftdichte Behälter gelagert gëtt, en natierlechen Transformatiounsprozess duerch. Déi Bakterien, déi schonn um Geméis sinn, vermeeren sech, bauen den Zocker of, deen am Geméis enthalen ass, a produzéiere Mëllesaiier. Doduerch gëtt d'Milieu lues a lues sauer, wat de Wuesstum vu wäertvolle probiotesche Bakterie fërdert.

D'Virdeeler vun nätzleche Bakterien

Dës Bakterien, wéi zum Beispill Laktobazillen, kommen nom Iessen an eise Verdauungstrakt, an deem schonn Milliarde vu Mikroorganismen liewen, déi d'Daarmflora bilden. Probiotika hëllefen, dëst Gläichgewiicht z'erhalen oder erëm hierzestellen, andeems se de Wuesstum vu schiedleche Bakterie bremsen an derfir suergen, datt nätzlech Bakterie sech vermeeren. Sou droen se zu enger gesonder Verdauung bäi. Doriwwer eraus hunn se e positiven Afloss op eist Immun- an Nervesystem, déi allebéid enk mam Daarm verbonne sinn. D'Fermentatioun mécht d'Liewensmëttel och méi liicht verdaulech a kann derzou bäidroen, datt de Kierper bestëmmten Nährstoffer besser ophëlt.

Typesch Aromaen

Fermentéiert Geméis wéi Sauermous, awer och Rommelen, Muerten, Ärdkolrawen, Ënnen, Zelleri, Zucchini oder Champignonen zeechent sech duerch säi saierzege, heiansdo liicht salzege Goût aus. Wat d'Gärung méi laang dauert, wat d'Aromaen sech méi staark entwéckelen.



Fermentéiert Schätz aus dem Gaart

Zutate fir 4 Glieder vu 500 ml

- 2 Ënnen
- 2 Muerten
- 1 Rommel
- 300 g Kabes
- 8 g schwaarz Pefferkären
- 4 Lorberblieder
- 1 l wootlecht Waasser
- 30 g Salz

Virbereedung

D'Ënnen schielen an an dënn Scheiwe schneiden. D'Muerten, d'Rommel an de Kabes gutt botzen, wäschen an och a Scheiwe schneiden.

A véier propper Glieder ofwiesselnd Geméis, Pefferkären a Lorberblieder schichten. Uewen ongeféier 2 cm Plaz loossen, fir datt d'Gärung genuch Raum huet.

Fir de Solper d'Salz an engem Liter wootlecht Waasser opléisen. Gutt verréieren an iwwer d'Geméis schëdden, bis alles ganz bedeckt ass. Den iwwerschëssege Solper kann ewechgeschott ginn. D'Geméis virsiichteg bäidrécken, fir datt d'Loftblasen erauskommen. Wann néideg, e grousst Kabesblat, eng hallef Ënn, e Gärgewicht oder e klengen ëmgedréinten Teller drop leeën, fir datt d'Geméis ganz ënner der Flëssegkeet bleift.

D'Glieder loftdicht zoumaachen an op mannst fënnf Deeg bei Zëmmertemperatur gäre loossen, net an der direkter Sonn. Fir e méi intensiven Aroma am beschten ongeféier zwou Woche fermentéiere loossen. Duerno am Keller oder op enger killer Plaz ophiewen.

Dat fermentéiert Geméis als Bäiluecht zu waarmen oder kale Plate souwéi zu Zalote genéissen an dobäi vun de wäertvolle Virdeeler vun der Fermentatioun profitéieren.

Tipp: D'Glas no all Gebrauch gutt zoumaachen. Wann d'Glas manner wéi zwee Drëttel voll ass, d'Geméis an e méi klengt Gefäass ëmfëllen, fir de Kontakt mat der Loft ze reduzéieren, well d'Loft de Schimmel fërdert.



*Wat de Gaart eis schenkt,
gëtt fir spéider opgehiewen.*

Fir eis Kanner


RÄTSEL, MOLEN A SPASS

D'Äntwerte fënns de op der Säit 66
an dësem Gemengebuet rëm.

	3	4		
1		3		
4	3		1	

	1	8	5	4	9			7
2	7						9	5
9	4	5	3		7	1		
				6	3	7	5	9
7		9		5	1	2		
	3					6		
				1			7	
8	9		6		4			
	5	1		7	2	9	3	

Maach aus dëser Kou e faarwegt Konschtwierk!





Gitterrätsel!

Setzt déi folgend 10 Wierder an dat pas-
send Gitter a fëllt d'Rätsel komplett aus.

- Geyeschhaff
- Schoulwee
- Tunneldisco
- Fridden
- Klimaforum
- Theater
- Chorale
- Kraider
- Concert
- Konschtmaart

Vill Spaass!



17. + 18. Okt.

23. + 24. Okt.

Theater „DE SAUNA-GIGOLO“

17., 23. an 24. Oktober um 20:00 Auer + 18. Oktober um 16:00 Auer zu Bech am Centre Culturel „Hanner Bra“
Reservéiert Är Plaze beim Mireille Bohnenberger:
E-Mail: mibono@pt.lu
Telefon: 79 96 60, all Dag vun 18.00 bis 20.00 Auer

Organisatioun: Schanzer Cabarotiker



13. Nov.

We are Hardstylers

Ab 21:00 Auer zu Bech am Centre Culturel „Hanner Bra“

Organisatioun: Becher Jugend



15. + 22. Nov.

Hämmelsmarsch

De 15. November moies am Gronn an op der Schanz
Den 22. November moies zu Bech

Organisatioun: Bech-Berbuerger Musek



17. + 24. Nov.

18. Dez.

Hierkeverkaf

Ab 14:00 Auer op der Schanz beim Néckel
7 Heeschbreggerwee, op der Schanz
Verkaf vun Hierken, Wëllschwäin Zoossiss a Paté

Organisatioun: Schanzer Fëscherfrënn



19. Nov.

Beaujolaisowend

Ab 18:00 Auer op der Schanz am Veräinsbau

Organisatioun: 50+ Bech



28. Nov.

Niklosmaart

Ab 15:00 Auer op der Schanz beim Veräinsbau
Um 16:00 Auer kënn de Kleeschen

Organisatioun: Gemeng Bech an d'Veräiner aus der Gemeng



05. Dez.

Kleeschen vun Haus zu Haus

Ab 17:00 Auer duerch d'Gemeng

Organisatioun: Micky Mais Gemeng Bech



19. Dez.

Wanterconcert

20:00 Auer am Sall Hanner Bra zu Bech

Organisatioun: Bech-Berbuerger Musek



Mayors for Peace

BECH ASS ELO OFFIZIELL MEMBER VU „MAYORS FOR PEACE“

Zënter dem 1. August 2026 ass d'Gemeng Bech offiziell Member vum internationale Reseau Mayors for Peace. Domat setze mir als Friddensgemeng e weidert konkret Zeeche fir Fridden, Solidaritéit an eng Welt ouni Atomwaffen.

„Mayors for Peace“ ass 1982 op Initiativ vum deemolege Buergermeeschter vun Hiroshima entstanen. Seng Iddi war esou einfach wéi staark: Stied a Gemengen aus der ganzer Welt sollen iwwer national Grenzen a politesch Ënnerscheeder ewech zesummeschaffen, fir sech fir Fridden a besonnesch fir d'Ofschafe vun Atomwaffen anzesetzen. Haut verbënnt dëse Reseau méi wéi 8.600 Stied a Gemengen aus 166 Länner a Regiounen. Mat Bech ass elo och déi leschte Lëtzebuerger Gemeng Member vun deem Netzwierk ginn.

Den Ursprung vum Reseau ass enk mat der Erënnerung un Hiroshima an Nagasaki verbonnen. Gläichzäiteg geet säin Engagement haut méi wäit: Nieft der nuklearer Of-rëschtung setzt „Mayors for Peace“ sech fir eng Kultur vum Fridden, fir sécher a resilient Gemengen an och fir de Respekt vun de Mënscherechter an. E wichteg Gedanke dobäi ass, datt Fridden net nëmme eng Fro vun der internationaler Politik ass. Och Gemenge kënnen dozou bäidroen, datt Dialog, Respekt, Solidaritéit an e friddlecht Zesummeliewen am Alldag gelieft ginn.

Genee dofir passt de Bäitrëtt zu eise Verstandnis vun enger Friddensgemeng Bech. De Begrëff soll fir eis net nëmme e schéint Wuert sinn, mee en Ussproch un eis selwer: net ewechzekucken, wann Haass an Ausgrenzung zouhuelen, d'Erënnerung un d'Follgen vu vu Krich a Gewalt waakreg ze halen an do, wou mir als Gemeng kënnen, Zeeche fir Fridden a Matenee ze setzen.

Mat eise Bäitrëtt si mir elo Deel vun enger weltwäiter Gemeinschaft vu Gemengen, déi genee dëst Zil deelt. Den offiziellen Diplom, ausgestellt den 1. August 2026 a vum President vu „Mayors for Peace“ a Buergermeeschter vun Hiroshima, Kazumi Matsui, ënnerschriwwen, mécht dëst Engagement elo och sichtbar.

Fir eis ass dëse Bäitrëtt dofir keen Ofschloss, mee éischeren an Ufank: d'Verpflichtung, de Gedanke vun der Friddensgemeng och an Zukunft mat Liewen ze fëllen.



Journée de la Commémoration Nationale

Am Kader vum Nationale Kommemoratiounsdag, als Erënnerung un de Widderstand, d'Solidaritéit an de Courage vum lëtzebuergeresche Vollek während der Besatzung vun 1940 bis 1945, gëtt zu Bech eng Zeremonie organiséiert.



10.10.2026



18:00 Auer zu Bech an der Kierch



Géint 18:30 Auer: Offiziell Zeremonie virum Monument aux morts zu Bech



GEMENG BECH



Bech an Zuelen

WÉI ENG NATIONALITÉITEN HU MIR AN DER GEMENG BECH?

An der Gemeng Bech liewe Mënsche mat net manner wéi 35 verschiddenen Nationalitéiten. Engersäits weist dat déi grouss Villfalt an eiser Gemeng, anersäits mécht et si zu enger ganz diverser Gemeinschaft. Hei sinn déi 10 heefegst Nationalitéiten, déi an der Gemeng Bech vertruede sinn:

D'ALTERSSTRUKTUR VUN EISER GEMENG

Dës Zuele ginn e klengen Abléck an d'Demografie vun eiser Gemeng a weisen, dass bei eis all Generatiounen doheem sinn – vu jonke Kanner bis hin zu eisen eelste Matbiergerinnen a Matbierger.



Mir gratuléieren



4. Juli
Matthias Wustmann &
Jeanne Ndzie



3. August
Felix Prager &
Larissa Wilwert



14. August
Gilles Biver &
Gwen Moser

Hutt Dir flott Fotoe vu
besonnesche Momenter?
Da schéckt eis déi gär
eran! Mir freeën eis iwwer
Är Bäitrag a publizéieren
eng Auswiel dovunner an
eisem Gemengebuet.



Sweet taste. Bitter consequences.


NICOTINE
SOCKS!



⊗ Séiss Goûte loosser d'Produiten harmlos wierken,
mee Nikotin kann der Gesondheet schueden.

Conférence Nationale
des Elèves du Luxembourg
CNEL

CNAPA
Centers National
de Prévention des Addictions



**JUGEND
INFO.lu**

**Génération
SANS TABAC**

Jiddereen dréit säi Päckelchen.



**SEMAINES
DE LA SANTÉ
MENTALE**
5-17 Oktober
2026

**Zesumme
komme mir
méi liicht
virun!**

Info a Programm:
www.semainesantementale.lu



N° d'agréments Santé 2025 - 03/04/05/13/14/15/16/17



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale
Direction de la santé



Plan National
Santé Mentale
Luxembourg



Ligue **Santé 70**
Mentale



ACHTUNG! TASCHENDIEBE

GENERELL GILT: Vorsicht, wenn Fremde sich Ihnen zu sehr nähern.
Trick- und Taschendiebe arbeiten mit verschiedenen Ablenkungsmanövern, um
unbemerkt an Ihre Wertsachen zu gelangen!



DER ABLENKER
Halten Sie Ihre Wertgegenstände stets im Blick
und nah an Ihrem Körper.



DER ANREMPLER
Achten Sie auf Personen, die Sie anrennelt
oder sich Ihnen zu sehr nähern. Halten Sie
Taschen und Rucksäcke stets geschlossen.



DER ANTANZER
Halten Sie fremde Personen, die Sie mit
einer Umarmung begrüßen oder antanzen,
auf Distanz.



DER BITTSTELLER
Achten Sie auf Personen, die sich Ihnen zu
sehr nähern um u.a. nach Kleingeld oder
Zigaretten zu fragen.

ZESUMME FIR IECH
POLICE.LU
f x o

POLICE
LÉTZEBUERG


Ahhh!

D'OPLÉISUNGEN

3	4	1	2
1	2	3	4
4	3	2	1
2	1	4	3

6	1	8	5	4	9	3	2	7
2	7	3	1	8	6	4	9	5
9	4	5	3	2	7	1	6	8
1	8	4	2	6	3	7	5	9
7	6	9	4	5	1	2	8	3
5	3	2	7	9	8	6	4	1
3	2	6	9	1	5	8	7	4
8	9	7	6	3	4	5	1	2
4	5	1	8	7	2	9	3	6

Hues du all d'Äntwerte fonnt? Hei kanns du kucken, ob s du richtig gerätselt hues!



Follow @gemeng.bech on Insta



gemeng.bech



